

Dezember 2007 N°17



Fäschber
Gemeengeblat



Layout: Ren Spautz

Redaktion: Dany Hermes, Andrea Wagner, Georges Brosius, Marc Kolber, Roland Miny, Frank Weyrich, Ren Spautz.

Korrektur: Andrea Wagner, Frank Weyrich

Mitarbeiter: Marie-Louise Haas-Erpelding, Patrick Delmarque, Marion a Sepp Rocchio, Claire List, Claire Weber, Joanne Zeien, Rita Berens, Angelika Bräutigam, Gast Bissen, Pit Reuter, Chantal Conrad-Fohl, Mich Daems.

Druck:
Faber-Print services & solutions
Mersch

Seite 1: Foto vum Rol Miny
Seite 2: Inhaltsver. & Virwuert
Seite 3: Séance communale
Seite 4: Séance communale
Seite 5: Etat civil & Info
Seite 6: Fred Zimmer & Gesang
Seite 7: Homepage
Seite 8: Summeraktivitéiten
Seite 9: Summeraktivitéiten
Seite 10: Senioreveräin
Seite 11: Hämmelsmarsch
Seite 12: Léire léiren, Ges. Iessen
Seite 13: Mierscher Lieshaus
Seite 14: Manifestatiounskalenner
Seite 15: Manifestatiounskalenner
Seite 16: Trëppeltour 2007
Seite 17: Des Rätsels Lösung
Seite 18: Hobby-Seite
Seite 19: Hobby-Seite
Seite 20: Senioreveräin
Seite 21: Senioreveräin
Seite 22: Theater zu Cruchten
Seite 23: Fusion
Seite 24: Hobby-Ausstellung
Seite 25: De Kleeschen
Seite 26: Neit Léierpersonal
Seite 27: Neit Léierpersonal
Seite 28: Schouljoer 2007-2008
Seite 29: Schouljoer 2007-2008
Seite 30: Schouljoer 2007-2008
Seite 31: Schouljoer 2007-2008
Seite 32: Glückwünsche 2008

Titelphoto: Schloss Fäschbech, fotografiert vum Rol Miny

Letzte Seite: Foto von Dany Hermes

Virwuert

Léif Biergerinnen a Bierger aus der Gemeng Fäschbech,

schonn erëm ass e Joer bal eriwwer an onweigerlech reflektéiert een dat vergaangent a plangt dat neit.

Mir hu vill Aarbecht am Gemengen- a Schäfferot. Vill Projeten sinn amgaangen ausgeschafft ze ginn, respektiv um Instanzewee.

An eiser Biergerinformatiounsversammlung den 22. Februar 2008 wäerte mir Iech dovunner zielen.

Elo ass et awer eng Kéier un eis, fir Merci ze soen. Merci all deene Leit, déi regelméisseg un den Informatiounsversammlungen a Konferenzen deelhuele.

Déi héich Zuel vun Participanten weist eis, dass mir richtig leien, wa mir esou Owender plangen. Duerno kënne mir besser op Är Virschléi a Remarquen agoen, well mir esou an den Dialog kommen.

Eis Veräiner mat hire Bénévolen schaffen och ganz vill. Hir engagéiert Aarbecht am Dingscht vun eis alleguer bréngt eis ëmmer ërem e Stéck méi no beieneen.

Dat Ganzt setzt awer vill Planges an Iwwerleeës viraus, wat dacks als selbstverständlech ugeholl gëtt, et ass et awer net.

Mir soen hinne Merci fir hiren onermiddlechen Asaz a sinn eis bewusst, dass si vill zu eiser Identitéit bäidroen. Wann et si eng Kéier net méi gëtt, verléiere mir e grousst Stéck Fäschbech a vläicht sollt emol jiddereen sech iwwerleeën ob en net heiando kënnt bei esou enger Aktivitéit eng Hand mat upaken.

Ech wënschen Iech an Äre Familljen eng besënnlech Chrëschtzäit, e gudde Rutsch an alles Guts fir 2008, vill Zefriddenheet a virun allem eng stabil Gesondheet.

Marianne Brosius-Kolber

In eigener Sache :

Da uns immer wieder Berichte und Fotos für das Gemeindeblatt zu spät erreichen, setzen wir ab Blatt 18 einen Redaktionsschluss fest. Alle Artikel, die bei uns nach diesem Datum eingehen, können nicht mehr berücksichtigt werden.

Redaktionsschluss für das Gemeindeblatt 18 ist der 14. April 2008.

Für ihr Verständnis danken wir Ihnen.

Die Redaktion.



Compte-rendu de la réunion du conseil communal du 20 juillet 2007

Présent: M/Mme Brosius-Kolber, Karier, Kraus, Trausch, Spautz, Spiewak-Lorang

Absent: Braun

1) décide d'affecter la dame Simone JUNG, demeurant à 26, rue Rosswinkel à L-6251 Scheidgen au poste provisoire 1 ps 07/08 dans l'enseignement primaire à raison de 24 heures hebdomadaires pour l'année scolaire 2007/2008.

2) décide de rembourser la taxe scolaire pour élèves non-résidents de 5.000 € facturée par la commune de Betzdorf pour l'enfant Alexandre Baptista de Koedange. Le montant de 5.000 € est remboursé sur présentation de la facture dûment acquittée.

Compte-rendu de la réunion du conseil communal du 18 septembre 2007

Présent: MM/Mme Brosius-Kolber, Braun, Karier, Trausch, Spautz, Kraus, Spiewak-Lorang

1) décide à l'unanimité de créer à tâche complète un poste d'ouvrier communal (m/f) de la carrière E (artisan avec C.A.T.P.), spécialisé dans le domaine du paysagiste-pépinieriste

2) approuve à l'unanimité une convention relative à la collaboration du MEC asbl (Mouvement pour l'égalité des chances) avec les communes de Bech, Berdorf, Fischbach, Heffingen, Nommern, Rosport, Waldbillig

3) approuve le contrat à durée déterminée avec M. Jeff Bissen concernant le remplacement de courte durée pendant l'année scolaire 06/07

4) approuve le contrat à durée déterminée avec Mme Jung Simone pour la période du 15.09.2007 au 14.09.2008 (poste publié sur la 3e liste du Ministère de l'Education nationale)

5) approuve le contrat à durée déterminée avec M. Juchemes Steve pour la période du 15.09.2007 au 14.03.2008 en vue du remplacement du congé parental de l'institutrice Mireille Garson

6) décide à l'unanimité de voter des crédits supplémentaires dans le budget ordinaire de l'exercice 2007 au montant total de 26.620,00 EUR

7) approuve à l'unanimité le devis au montant de 115.000 EUR ttc en vue du réaménagement et la remise en état de la « rue de l'Eglise » à Angelsberg ; ce projet sera exécuté en 2008

8) décide à trois voix contre une d'édicter, en exécution de l'article 20 de la loi modifiée du 19 juillet 2004, les servitudes visées à l'article 21 de la même loi, frappant les terrains sis en bordure de la « rue G.D. Charlotte » à Fischbach, inscrits au cadastre sous section A de Fischbach, numéros 43/820, 45/1021, 47/807, 102/947, 188/633 et 188/948 et au lieu dit « Schleid » à Schoos, inscrits au cadastre sous section D de Schoos, numéros 69/628, 72/585, 73/668, 73/669, 78/730, 78/731, 78/732, 84/593, 84/594, 118, 118/292, 118/293, 119/626, 120/187 et 121/310, pour autant qu'ils se trouvent à l'intérieur du Plan d'Aménagement Général

9) approuve à l'unanimité le plan de gestion pour l'exercice 2008 après avoir entendu les explications du préposé forestier Jean-Claude Pitzen ; le plan de gestion présente des investissements au montant de 68.465,00 EUR et des recettes de 57.620,00 EUR

10) refuse par six voix contre une de faire opposition au relassement de la chasse des terrains appartenant à l'administration communale

11) à huis clos et par vote secret approuve la démission M. Braun Roger du poste de délégué auprès du Syndicat intercommunal pour le maintien à domicile de Medernach et nomme Mme Brosius-Kolber Marianne au poste vacant de déléguée auprès du Syndicat intercommunal pour le maintien à domicile de Medernach.



Compte-rendu de la réunion du conseil communal du 20 novembre 2007

Présents: M/Mme Brosius-Kolber, Braun, Karier, Kraus, Trausch, Spautz, Spiewak-Lorang

Compte-rendu de la séance du 18 septembre 2007

Approuvé à l'unanimité.

Approbation de la convention concernant la collaboration relative au financement de l'agrandissement du Centre de Secours à Larochette

Le conseil décide à l'unanimité d'approuver la convention du 1^{er} octobre 2007 dressée entre la commune de Larochette et les communes de Beaufort, Consdorf, Ermsdorf, Fischbach, Heffingen, Medernach, Nommern et Waldbillig concernant la collaboration entre les communes signataires en vue du financement des travaux d'agrandissement du bâtiment existant du centre de secours pour le service ambulancier de la Protection Civile de Larochette et ce au prorata de la population desservie par ce service ambulancier régional

Approbation du compte définitif de l'exercice 2005

Approuvé à l'unanimité.

Approbation du relevé des baux à long terme de l'exercice 2007

Approuvé à l'unanimité avec un montant de 15.061,18 EUR.

Approbation de décomptes de travaux extraordinaires

Les décomptes suivants sont approuvés à l'unanimité :

- Réaménagement de la « rue de l'Ecole » à Angelsberg :	dépenses : 41.881,38 €
- Réaménagement du chemin de Lintgen à Schoos :	dépenses : 78.214,53 €
- Réaménagement du chemin « Aale Wee » à Schoos :	dépenses : 45.083,71 €
- Remplacement d'une partie du réseau de canalisation (eaux superficielles) dans la rue de Mersch à Angelsberg :	dépenses : 55.009,80 €
- Installation de 2 colombariums à Fischbach et Meysembourg :	dépenses : 36.377,30 €
- Acquisition d'un camion à benne basculante :	dépenses : 53.534,38 €

Approbation du rôle récapitulatif des recettes de l'exercice 2006

Approuvé à l'unanimité au montant total de 2.612.793,19 EUR

Fusion : question de l'opportunité de donner un nouveau feu vert au conseil communal pour la continuation des négociations

Le conseiller René Spautz avait demandé par écrit de mettre à l'ordre du jour de cette séance du conseil communal la question de l'opportunité de donner un nouveau feu vert au conseil communal pour la continuation des négociations avec la commune de Larochette, vu que Monsieur Spautz estimait que suite aux informations reçues lors d'une réunion de travail du conseil communal en date du 23 octobre 2007, il serait nécessaire de discuter si oui ou non il fallait continuer avec les pourparlers.

Après discussion et échange des arguments, le conseiller Spautz ne demande plus le vote sur la question de l'opportunité de donner un nouveau feu vert au conseil communal pour la continuation des négociations et le collège échevinal est invité par analogie de continuer les pourparlers avec la Commune de Larochette comme décidé lors de la séance du conseil communal du 12 juin 2007.

Divers : néant

Hëllef d'Studente kommen



Hei sënn d'Nimm vun de Studenten, déi an der grousser Vakanz fir eis Gemeng geschafft hunn:

Brosius Liz, Elcheroth Christiane, Höhn Lina, Jacobsen Joël, Jonette Charlotte, Lamesch Rik, Olinger Caroline, Olinger Kevin an Trausch Catherine.





Naissances en 2007:

ADMINISTRATION

Administration communale
1, rue de l'Eglise
L-7430 Fischbach

Tél : 32 70 84-1 / Fax : 32 70 84-50
Internet: <http://www.acfischbach.lu>

Secrétaire: Patrick Delmarque

Secrétariat communal: 32 70 84-1
E-Mail: acfischbach.secretariat@sdscom.lu

Redacteur: Michèle Scholtes

Bureau de la population: 32 70 84-25
E-Mail: acfischbach.population@sdscom.lu

Receveur: Marlyse Kusnierz-Broers

Recette communale : 32 70 84-30
E-Mail : acfischbach.recette@sdscom.lu

Ingénieur-Technicien: Romain Beckers

Service technique: Tél: 32 70 84-22
E-Mail: acfischbach.technique@sdscom.lu

Préposé forestier: Jean-Claude Pitzen

Service forestier: Tél: 26 32 25 66
E-Mail: Jean-Claude.Pitzen@ef.etat.lu

Heures d'ouverture :

Secrétariat et bureau de la population :

Lundi de 8h30 à 11h30 et de 14h00 à 17h00
Mardi, Mercredi et Vendredi de 8h30 à 11h30
Jeudi de 8h30 à 11h30 et de 14h00 à 18h00

Recette communale :

Lundi à Vendredi de 8h30 à 11h30

Service technique:

Heures d'ouverture (sur Rendez-vous):

Lundi: 14.00 - 17.00

Mardi: 8.30 - 11.30

Jeudi: 8.30 - 11.30 et 14.00 - 17.00

Service forestier:

sur rendez-vous

Wampach Sophie

26 mars 2007, Schoos

Damgé David

30 mai 2007, Angelsberg

Marques Castermans Lena

16 juillet 2007, Angelsberg

Reding Emma

29 juillet 2007, Angelsberg

Elsen Laera Luca

7 août 2007, Schoos

Martins Nevio

18 août 2007, Angelsberg

Dummong Lee

2 octobre 2007, Angelsberg

Berkhout Alessandro Claude

23 octobre 2007, Schoos

Chéron Constance Emma Elise

28 octobre 2007, Schoos

Lanners Eve

9 novembre 2007, Angelsberg

Mariages en 2007:

Schoellen Frank & Vereshchagina

Lyudmyla Valeriyivna

20 avril 2007, Angelsberg

Kusnierz Paul & Kos Ewelina

19 octobre 2007, Fischbach

Kimmel Guillaume & Schmitz Véronique

7 décembre 2007, Fischbach

Karier Marco & Berens Rita

14 décembre 2007, Angelsberg

Décès en 2007:

Kimmel Nicolas Norbert

11 février 2007, Fischbach

Weigel Martin

2 septembre 2007, Angelsberg

Fred Zimmer†



Lieber Leser,
Ein Jahr neigt sich dem Ende, die Tage sind kurz und grau, der Mensch findet Zeit in der langen Dunkelheit zum Nachdenken und zum Erinnern.

Es kommt die Erinnerung an jene die nicht mehr sind, jene, die uns

verlassen haben im Laufe des Jahres. Dabei sticht einer ganz stark hervor in meinem Gedächtnis. Ein guter Mensch, voll Sanftmut und Güte mit großem Herzen, mit feinem Gespür für das Rechte, voller Bewunderung für die Natur, unermüdlich in seinem Bestreben uns Gott zu vermitteln für unser alltägliches Leben, und immer bescheiden, ganz einfach nett.

Dies war unser Pfarrer Fred Zimmer, der seinen Ruhestand in unserem Pfarrverband seit 2002 verbrachte. Von Ruhe war bei Ihm keine Rede. Er war zugegen wenn er gebraucht wurde im Dienste unseres Herrn. Stets wohlgenut, humorvoll, doch auch besinnlich im rechten Augenblick. Seinen Rat konnte man holen, seine Antwort war stets aufrichtig, wohlwollend und ehrlich gemeint.

Ich hatte das Glück diesen wundervollen Menschen so manches Mal in die Natur zu begleiten, und lernte von Ihm das stille Bewundern der Schöpfung sowie die Ehrfurcht vor der Schönheit von Landschaft, Tier und Pflanze. Ich höre seine Worte noch heute, wenn er innehielt und mit wohlthuendem Schmunzeln meinte: "Kuck mol, ass dat net wonnerschén"!!

In der kurzen Zeit, die er in unserer Mitte verbrachte, hat er es ohne Zweifel geschafft die Herzen von vielen aus unserer Gemeinschaft zu erobern. Besonders den Älteren und Kranken stand er nahe, spendete so manchem Trost und Mut.

Eine unbarmherzige Krankheit sollte es Ihm verwehren länger bei uns zu sein und so begleiteten wir ihn am 3. Juli auf seinem letzten Gang. In Kayl nahmen wir und viele andere Abschied von einem guten Freund.

Wir werden Ihn nicht vergessen, und er möge für uns alle Fürbitter sein beim Herrn.

Text: Gast Bissen / Foto: Pit Reuter



Angsber Gesangveräin

Am Kader vun der rezenter Cäciliefeier, huet den Angsber Gesangveräin dem Yves Schmidt vun der Fondatioun Caritas e Chèque vun 2.000 € iwwerreicht.

D'Suen déi de Veräin regelméisseg fir e gutt Wierk sammelt, kommen aus dem Erléis vum Porfest, dat de Gesang den éischte Weekend vun all Summervakanz organiséiert. De Vertrieeder vun der Caritas huet de Memberen vum Veräin an de fräiwëllege Mataarbechter fir hieren Asaz Merci gesot, an an enger kuerzer Usproch de Foyer St. Antoine, fir deen d'Sue bestëmmt sinn, présentéiert.

An dësem Foyer, deen zënter 2004 existéiert fannen den Ament eng 80 "Demandeurs d'asile" aus 25 verschiddene Länner e provisoersch Doheem. Mat de Suen vum Gesangveräin aménagéiert d'Caritas eng Spillplaz fir d'Kanner vum Heem. Domadder gëtt eng Plaz geschaaft wou net nëmmen d'Kanner sech begéinen, mee wou och déi Erwuessen sech besser kenneläre kënnen.

Um Enn vun dëser sympatescher Feier hunn den Yves Schmidt an de Malik Hamouche vu Caritas dann och d'Memberen vum Veräin ganz haerzlech an de Foyer St. Antoine beim Staater Stadion invitéiert. Des Invitatioun huet de President vum Gesang, Lex Kugener, am Numm vun alle Memberen gären ugeholl.

Text: Chantal Conrad-Fohl / Foto: Mich Daems



PEAU NEUVE POUR NOTRE SITE INTERNET

<http://www.acfischbach.lu>



Summeraktivitéiten


Vum 3. bis den 13. September huet d'Elterevereenegung an Zesummenaarbecht mat der Gemeng Fäschbech, Summeraktivitéiten organiséiert. Dat ware 7 Nomëtteger wou ënner anerem gebastelt, gebak, gemoolt a gekacht ginn ass. D'Begeeschterung bei de Kanner war grouss an et waren am Duerchschnëtt 20 Kanner all Dag do. Et war déi éischte Kéier, dass esou Aktivitéiten an eiser Gemeng ugebuede gi sinn, awer ganz bestëmmt net déi lescht.

Text a Fotoen: Dany Hermes





n September 2007



De Senioreveräin éiert den drëtten Alter

Et ass Brauch, datt de Komité vum Senioreveräin am Oktober op den Dag vum drëtten Alter invitéiert, fir seng Jubilaren ze éieren.

No enger feierlecher Mass fir déi liewend a verstuerwe Memberen, gehale vum Här Paschtouer Reuter, hat d'Gemeng am Veräinshaus op der Héicht den Éirewäin offréiert.

No der Begréissung vun de Jubilaren an Invitéen duerch d'Präsidentin Marie-Louise Erpelding-Haas, huet d'Madame Buergermeeschter, Marianne Brosius-Kolber, d'Wuert ergraff, huet dem Komité hire Merci ausgedréckt, fir hir Aarbecht an hiert Engagement am Déngscht vum drëtten Alter, an hofft op eng weider gutt Zesummenaarbecht mat de Gemengenautoritéiten.

Nieft engem gudde Buffet, deen eis vun der Equipe vum Restaurant Steinmetz zervéiert gouf, huet den Här Mil Majerus eis e lëschtgen an interessanten Exposé, iwwer de Challenge vun deenen "Ale", virgedroen.

Nom Dessert a Kaffi sinn du eis Jubilaren geéiert ginn, et waren dës net wéineger ewéi 16 Memberen.

Geéiert gi sinn fir 75 Joer: Bernardy-Ugen Eugénie, Hoffmann-Roller Marie-Louise, Weyland Albert

fir 80 Joer: Peters Marie, Karier Jean-Pierre

fir 81 Joer: Fischbach Thérèse, Klemens Antoine

fir 84 Joer: Meyers Hélène, Turmes Joseph

fir 85 Joer: Miny Maria, Pletschet Maria

fir 86 Joer: Peters Paul

fir 87 Joer: Erpelding Sophie, Baustert Michel

fir 88 Joer: Lanckohr Germaine

fir 91 Joer: Baustert Alice

Text: Marie-Louise Haas-Erpelding / Foto: Rita Berens





Den Hämmelesmarsch zu Fëschbech an Angelsbierg



Foto uewen: Rol Miny / Foto ënnen: Frank Weyrich



Konferenz "Léire léiren" zu Schous

Op Initiativ vun der Schoulkommissioun Fäschbech hunn d'Claudine Fischer-Nimax an d'Liliane Frantzen-Goebel eng Konferenz gehalen iwwert den Thema, deen haut méi wíjee aktuell ass.

An engem gutt gefüllte Sall, inklusiv de ganze Schefferot, hu si den Elteren an dem Léierpersonal an Erënnerung geruff, wéi d'Kanner, grad ewéi di Erwuessen, hir Ëmwelt mat hire Sinnen ophuelen an dorausser léiren.

Dee liewegen an humorvolle Virtrag huet och gewisen wat d'Elteren an all déi, di dem Kand wellen hëllef, kënne maachen fir datt d'Léieren zum Erfolleg féiert, datt d'Kand doduerch motivéiert gëtt a Spaass drun huet, fir weiderzemaachen.

Als Ofschluss krut jiddereen de gudde Rot mat, datt egal wéi liicht oder schwéier e Kand sech mat dem Léiren deet, et sengen Elteren hire Respekt an hir Léift verdengt. D'Schoul ass net alles!



Text a Foto: Frank Weyrich

Konferenz Gesond Iessen

organiséiert vun de 4 Ministären Santé, Département ministériel des Sports, Education, Famille



De 25. Juni war op der Héicht eng Konferenz zum Thema „Gesond Iessen, méi Bewegen“. Zu dësem Owend haten déi 3 Elterevereenegungen (Fiels, Noumer a Fäschbech) agelueden, an et ware vill Leit dohinner komm, fir sech zu dësem Thema ze informéieren.

Text a Foto: Dany Hermes



Winter/Frühjahr-Programm 2008

Vorläufiges Programm – ohne Gewähr_

* Anmeldungen unter 26 32 21 13



Tag	Datum	Beginn	Wo	Veranstaltung	Info
Donnerstag	03.01.	10-12 Uhr	Lieshaus	SCHREIBWERKSTATT für Kinder	WALLY DIFFERDING → 5 € *
Mittwoch	09.01.	20 Uhr	Schoos, Vereinshaus	KONFERENZ	Dr. BERNARD THILL zum Thema: „EUTHANASIE a SOINS PALLIATIFS – Ëm wat geet et?“
Mittwoch	30.01.	19-21 Uhr	Lieshaus	LITERATURTREFF	WALLY DIFFERDING (Moderation). Kostenlose Diskussionsrunde zu dem Buch: Marsha MERAN, Das persische Café *
freitags	29.02.	19-21 Uhr	Lieshaus	SCHREIBWERKSTATT für Erwachsene	neuer Cyclus: 14.03./18.04./30.05./27.06. 5x = 75 € Leitung: WALLY DIFFERDING *
Mittwoch	20. oder 27. 02.	20 Uhr	Tënten, Festsaal	KONFERENZ/ Diskussionsrunde	Action pour un Monde Uni & Solartec sàrl zum Thema: „UNABHÄNGIGE ENERGIEVERSORGUNG als Grundlage für eine nachhaltige ENTWICKLUNGSHILFE“.
montags	3.03.	19-21:30	Gosseldange	LÉTZEBUERGESCH SCHREIWEN	Josy BRAUN. 10.3./17.3./07.4./14.4./21.4./28.4. → 30 € Org. mit der Gemeinde LINTGEN *
Samstag	08.03.		Lieshaus	INTERNATIONALER FRAUENTAG	in Zus.-Arbeit mit dem KULTURHAUS – Bücherecke, Märchenlesungen
Mittwoch	19.03.	19-21	Lieshaus	LITERATURTREFF	WALLY DIFFERDING (Moderation). Kostenlose Diskussionsrunde zu dem Buch: Daniel KEHLMANN, Die Vermessung der Welt *

Harry-Potter Nuecht zu Miersch am Lieshaus

De 26. Oktober um 20:00 Auer war beim Lieshaus eppes lass. 16 Kanner tëschent 9 an 12 Joer hunn sech mat hirem Schlofsak an der Isomatt op de Wee an d'Lieshaus gemaach. Hir Muggleleteren hunn si bruecht. Mee vun do aus ware keng Muggelen méi zougelooss. Zauberer waren ënner sech.

Fir d'éischt huet all Kand seng Hogwartsschouluniform ugedoen a säin Hogwartskoffer an „D'Große Halle“ bruecht. Eis Direktesch vun der Schoul, Angelika Bräutigam (Ersatz fir den Albus Dumbledore), huet eis häerzlech wëllkomm geheescht.

Fir eist neit Schoulbuch: „Harry Potter und die Heiligtümer des Todes“ hu mer eis da mat komplizéierten Zaubersprécher e Lieszechen gezaubert. Duerno goufe mer mam „Sprechenden Hut“ an dës 4 Haiser agedeelt:

CLANJO, DIE PARSELMÜNDER, HOGWARTS, RINAMO

Mir dräi sinn an d'Haus Clanjo komm mat zwou aner Matschülerinnen.

No der Wëlkommenszeremonie krute mer e Festmahl zervéiert:

Spanne, Monsteren, Basiliskefleesch, Kriibsen an Hexenzalot mat Zauberstëfter. Wéi eis golden Telleren eidel sinn, daucht schonn den Dessert op: Schokofräsch, Kürbismuffins an en Hexekuch.

D'Gedrénks huet eis d'Madame Rosmerta bruecht: Dee gutt bekannte Botterbéier“, an hir neiste Kreatioun: Hexebutt!!!

Eis éischt Stonn hate mer dann an „Verteidigung gegen die dunklen Künste“, wou mer eis Hexesprécher vum leschte Joer widderholl hunn. An deem Zäitpunkt koum d'Rita Kimmkorn mat hirer „flotter Schreibfeder“ eran fir eng nei Story am Tagespropheten (D'Muggelen nennen et jhust „D'Wort“) ze kréien. De Reporter vum Gemeindebued war och nach komm. A knapps ware si fort, do ass esouguer ee mat enger magescher Kamera vum RTL opgetaucht, fir lieweg Biller ze maachen!

Eist Haus Clanjo wousst déi meeschten Zaubersprécher. An dofir krute mer Punkten.

Um 0:00 Auer ass dann endlech den neien Harry-Potter ukomm an déi éischt Säite goufen haart virgelies. Duerno krut all Schüler dann d'Buch. Et gouv bis spéit an d'Nuecht gelies!!!

Den nächste Muere krute mer e magescht Moiesiessen. An den Hogwartspokal gouv och nach verginn un d'Haus:.....CLANJO!

Du goufen all Schüler nees vun hire Muggleleteren ofgeholl.

Text: Claire List, Claire Weber, Joanne Zeien





Aktivitätska

Januar

05.01. Footballtournoi
06.01. Footballtournoi
12.01. Chrëschtbeemercherssammlen
12.01. Generalversammlung
13.01. Kaffiskränzchen
25.01. Generalversammlung
26.01. Generalversammlung
27.01. Kannerfuesbal

Fräizäitsportler
Fräizäitsportler
Club des Jeunes
Club des Jeunes
Senioreveräin
Pompjeeën
Ch. Fäschbech & Angsber
Pompjeeën

Filano Sportshal
Filano Sportshal
Gemeng
Veräinshaus
Veräinshaus
Veräinshaus
Veräinshaus
Veräinshaus

Februar

01.02. Generalversammlung
02.02. Liichtmessdag
09.02. Buergbrennen
10.02. Buergbrennen
10.02. Buergbrennen
15.02. Hierkeniessen
17.02. Concert
23.02. Theaterowend
24.02. Theater-Mëttesvirstellung
29.02. Theaterowend

ACFL
Kanner
Maarkollefen
Wiichtelcher
Club des Jeunes
Senioreveräin
Uelzechtdall
Theaterveräin
Theaterveräin
Theaterveräin

Veräinshaus
Gemeng
Fäschbech
Schous
Angelsbiereg
Veräinshaus
Kierch Fäschbech
Veräinshaus
Veräinshaus
Veräinshaus

März

01.03. Theaterowend
07.03. Generalversammlung
09.03. Generalversammlung
14.03. Generalversammlung

Theaterveräin
APEP
Senioreveräin
Gaart an Heem

Veräinshaus
Veräinshaus
Veräinshaus
Veräinshaus

April

05.04. Grouss Botz
13.04. Trëppeltour & M.B-Tour
20.04. Éischt Kommionsfeier

Gemeng
Entente/Fräizäitsportler

Gemeng Fäschbech
Veräinshaus
Kierch Fäschbech

me

01.05. Meekranz
01.05. Meekranz
01.05. Meekranz + Generalversamml.
17.05. Velostour
25.05. Prässessioun

Club des Jeunes
Wiichtelcher
Spuerveräin
APEP

Veräinshaus
Paschtoueschhaus

Meesebuerg

Juni

12.06. Mammendagsfeier
22.06. Te Deum
29.06. Oppe Gaardepärtchen

Senioreveräin
Gemeng
Gaart an Heem

Veräinshaus
Fäschbech
Gemeng Fäschbech

juli

03.07. Grillfest
05.07. Ausfluch
06.07. Ausfluch
12.07. Schoulfest
13.07. Trëppeltour
20.07. Porfest

Senioreveräin
Theaterveräin
Chorale/CTF
APEP
Wiichtelcher
Chorale

Veräinshaus
Rust

Schoul

Veräinshaus



kalenner 2008

August

13.08. Mir maachen e Wësch
22.08. Sportsnomëtteg
25.-27.08. Camp
29.08. Sportsnomëtteg

ACFL
APEP
APEP a Gemeng
APEP

Filano Sportshal

Filano Sportshal

september

01.-03.09. Summeraktivitéiten
05.09. Sportsnomëtteg
07.09. Floumaart
12.09. Sportsnomëtteg
13.09. Grillfest
14.09. Grillfest

Gemeng/APEP
APEP
Senioreveräin
APEP
Spuerveräin
Spuerveräin

Filano Sportshal

Veräinshaus

Filano Sportshal

Veräinshaus

Veräinshaus

oktober

02.10. Pappendagsfeier
04.10. Hämmlsmarsch
05.10. Kiermessonndeg
12.10. Journée du Grand Age
17.-18.10. Opriichten Marathon
19.10. Marathon
25.10. Mullenowend
26.10-2.11. Fotoausstellung

Senioreveräin
Chorale Angelsbiere

Veräinshaus

Angelsbiere

Angelsbiere

Veräinshaus

Iechternach

Iechternach

Veräinshaus

Veräinshaus

november

08.11. Heckeplanzen
15.11. Hämmlsmarsch
16.11. Kiermes
16.11. Kiermesham
23.11. Céciliendag
29.11. Schluechtfest

APEP
Chorale Fëschbech

Pompjeeën
Chorale Angelsberg
Gaart an Heem

Schoul

Schous a Fëschbech

Schous a Fëschbech

Veräinshaus

Kierch Angelsbiere

Veräinshaus

dezember

05.12. Kleeschchen
06.-07. Hobby-Ausstellung
13.12. Chrëschtbeemercher ausdeelen
14.12. Chrëschtbazar
20.12. Kino

Club des Jeunes
Kulturkommissioun
Club des Jeunes
ACFL
APEP

Gemeng

Veräinshaus

Gemeng

Veräinshaus

Lëtzebuerg

Senioreveräin

Seniorenandenzen freides um 17 Auer an der Filano-Sportshal an der Fiels, ausser an de Schoulvakanzen

Fräizäitsportler

Sport-Owender fir jidfereen all Méindeg um 20 Auer an der Filano Sportshal an der Fiels

ACFL

Bitzen 08.01.08 - 18.03.08 all Dënschdeg Owend zu Schous am Veräinshaus op der Héicht

07.10.08 - 09.12.08 all Dënschdeg Owend zu Schous am Veräinshaus op der Héicht

ACFL = Fraen a Mammen / APEP = Elterevereenegung



Trëppeltour September 2007

Fotoen: Rol Miny





Des Rätsels Lösung!


Im letzten Blatt gab es kein Rätsel zu lösen, was aber nicht heißen will, dass uns die Fragen und Sponsoren ausgegangen wären. Trotzdem sei erwähnt, dass es nicht immer leicht ist, einen spendablen Menschen zu finden, der bereit ist, unser Rätsel zu finanzieren.

Es würde uns freuen, wenn es einige mehr wären, die an der Auflösung teilnehmen, denn immerhin gibt es 125 Euro, oder anders ausgedrückt, 5000 alte Franken zu gewinnen. Dies in bar oder in Form eines Einkaufsgutscheines.

Aber genug geredet, kommen wir zum Rätsel dieses Heftes.

Frage Nr. 1:

An welchem Ort befindet sich dieses Wegekreuz?



Diese Frage dürfte nicht allzu schwer erraten zu sein.

Frage Nr. 2:

Welches Tier versteckt sich auf diesem Foto?



Auch diese Frage müsste zu lösen sein. Also, Kugelschreiber zur Hand nehmen, Postkarte ausfüllen, oder noch einfacher, E-Mail schreiben und ab geht die Post.

VIVA

INTERNATIONAL MARKETING S.à.r.l.

www.ViVaForever.com

Sponsor dieses Rätsel ist die Firma VIVA aus Angelsberg.

Sie vertreibt Produkte, die der Körperpflege dienen. Auf den Gewinner dieses Rätsels wartet ein von ihm zusammengestelltes Paket für Körperpflege im Wert von 150 Euro.

Mitmachen darf jeder Einwohner unserer Gemeinde. Bitte die Lösung bis zum 29. Februar 2008, mit Name und Adresse auf eine Postkarte schreiben mit dem Vermerk: Des Rätsels Lösung und an folgende Adresse senden:

Commune de Fischbach

1, rue de l'Eglise,

L-7430 Fischbach

Dies alles können Sie auch als E-Mail an acfischbach.population@sdscom.lu senden.

Text & Fotos: Ren Spautz



Hobby-Säit Giuseppe Rocchio genannt "de Sepp" vu Schoos



Sepp mit einem 1000 g schweren Steinpilz.



Suillus luteus,
Boletus edulis,
Xerocomus badius,
Agaricus silvaticus,
Armillariella mellea,
Macrolepiota procera,
Coprinus comatus,
Cantharellus cibarius,
.....

Aber mal ehrlich, hätten Sie gewusst, um was es sich hierbei handelt? Sicherlich nicht, außer Sie sind Lateiner oder aber sie heißen Giuseppe (Sepp) Rocchio und sammeln aus Leidenschaft Pilze. Denn hierbei handelt es sich um Selbige, wie oben beschrieben, z. B. den Cantharellus



cibarius, was soviel heißt wie Pfifferling.

Ich saß zusammen mit Marion und Sepp zuhause bei einer guten Tasse Tee und sollte eine Story schreiben über das Hobby von Sepp. Nur mit seiner Wortwahl hatte ich anfangs doch erhebliche Schwierigkeiten, bis er mir dann diese Namen in einer für mich verständlichen Sprache erklärte.

Ich brauche nicht zu betonen, dass Sepp sich ein Wissen über Pilze angeeignet hat, das seinesgleichen sucht. Aber allein sein Wissen macht noch keinen guten Pilzsammler aus. Sein Respekt vor Flora und Fauna ist enorm.

Aber erstmal der Reihe nach. Sepp wurde im Jahr 1959 in Italien, genauer in Monteroduni in der Provinz Isernia geboren.

Schon früh erkannte er seine Naturverbundenheit. So unternahm der Bube Sepp des öfteren ausgedehnte Touren in Mutter Natur und lernte von seinem Vater die Leidenschaft des Pilzesammeln.

Im Jahr 1975 kam der damals jugendliche Sepp nach Luxemburg, um sich hier eine Existenz aufzubauen. Seine große Liebe, die Pilze, brachte er mit aus dem fernen Italien.



Der Schreiber dieser Zeilen, der selbst ein begeisterter Pilzesammler ist, bekam an diesem Abend eine Lehrstunde in Sachen Pilze. An dieser Lehrstunde möchte ich Sie gerne teilnehmen lassen.

Nur Pilze, die man genau kennt, so Sepp, dürfen in den Sammelkorb. Wer sich nicht an diese Grundregel beim Pilzesammeln hält, riskiert schwere Vergiftungen bis hin zum Tod.

Wenn man sich unsicher ist, ob ein Pilz essbar ist, soll man auf jeden Fall einen Fachmann in Sachen Pilze konsultieren.

Dabei sollten solche, die man nicht zweifelsfrei bestimmen kann, nicht zu den übrigen gesammelten Pilzen, um einen versehentlichen Verzehr zu vermeiden.

Am besten läßt man sie aber im Wald stehen - ohne sie einfach umzutreten.

Mykologen verzeichnen seit einigen Jahren, dass viele heimische Pilze immer seltener werden.

Dafür werden unter anderem überhöhte Stickstoffeinträge durch Verkehr und Landwirtschaft verantwortlich gemacht, die das Gleichgewicht im Boden durcheinanderbringen.

Wer für den eigenen Bedarf Pilze sammelt und ein paar Regeln einhält, braucht aber kein schlechtes Gewissen zu haben.

Dabei kommt es weniger darauf an, ob man die Fruchtkörper mit einem Messer abschneidet oder herausdreht - beides ist nach Meinung von Fachleuten erlaubt.

Aus dem Boden reißen sollte man sie dagegen nicht, um kein Myzel zu beschädigen.

Überalterte und madige Pilze lässt man am besten stehen. Sie können noch große Mengen an Sporen abgeben und sind Nahrung vieler Tiere.

Achtung haben sollte man auch vor ungenießbaren und giftigen Pilzen. Sie erfüllen wichtige Aufgaben in der Natur.

Manchem mag die Regel altmodisch vorkommen, trotzdem ist sie berechtigt: Pilze transportiert man am besten in einem Korb. Denn Pilzfruchtkörper enthalten viel Wasser und Eiweiß, wodurch sie ein idealer Nährboden für Mikroorganismen sind.

Schnell können sich auch in Speisepilzen Giftstoffe bilden, wenn das Eiweiß zersetzt wird. In Plastiktüten oder Rucksäcken werden die Pilze leicht gequetscht und verderben dadurch schneller. Vergiftungen können die Folge sein.

Wenn Sepp bei seinem Lieblingsthema Pilze ist, taucht er in eine für ihn eigene Welt ein, eine Welt von großem Wissen, ein Wissen das er diesen Herbst bei einer Pilzwanderung, organisiert vom "Mouvement Ecologique" an dessen Teilnehmer weitergeben wollte.

Aber 2007 war kein Jahr der Pilze. Die Veranstaltung musste leider wegen Mangel an Pilzen abgesagt werden und so können sich die eingeschriebenen Teilnehmer dieses Jahres schon auf den kommenden Herbst freuen, wenn es heißt, mit Sepp auf Pilzwanderung zu gehen.

Es war ein sehr schöner Abend bei Marion und Sepp und das nicht nur wegen der Pilze.





Senioreveräin Gemeng Fäschbech op Floss-Croisière op dem Rhône an an der Camargue

Vum 24.-28. Oktober huet de Senioreveräin Gemeng Fäschbech en Ausfluch an d'Frankräich gemaach.

Mir si mëttwochs moies um 5 Auer um P&R Houwald mam Bus fortgefuer.

D'Rees ass iwwer Metz, Dijon, Mâcon op Lyon gaang, wou d'Aschëffung war.

Nom Wëllkommensdrank um Schëff, hu mir d'Nuetiessen zervéiert kritt, éier et dann geheescht huet, sech an d'Klapp ze beginn.





Donneschdes moies ass et du mam Schëff a Richtung Valence gaang.

Duerch d'Schleiss vu Bollène ass de Wee weider an d'Camargue gaang, wou mir den Zigeinerwallfahrtsuert Saintes-Maries-de-la-Mer besicht hunn.

Duerno ass d'Rees virugaang op Arles, dat mir nom Owe siessen um Schëff mat engem Guide besicht hunn.

Freides moies koume mir zu Avignon un, wou mir de Palais des Papes kucke gaange sinn.

Nom Mëttesiessen hate mir Zäit, eis um Schëff ze erhuelen, wobäi d'Rees op Viviers virugaangen ass.

Hei hate mir d'Geleeënheet, nom Nuechtiessen eng geféiert Wanderung duerch d'Stad Viviers ze maachen.

Samsdes ass en Ausfluch an d'Gorges de l'Ardèche ënnerholl ginn, éier et flossofwäerts e Stéck de Rhône erofgaang ass bis op Bourg-St-Andéol, do iwwer déi immens schéin Héichstrooss op Vallon-Pont-d'Arc, dee bekannt ass duerch säi natierleche Bréckebou, de 34 m héichen Pont d'Arc matten an der wëller Landschaft vun den Ardèche-Schluchten.


Duerno goug et weider op Tain l'Hermitage, wou mir d'Geleeënheet haten, déi bekannt Wäiner aus de Côtes du Rhône ze schmaachen.

Owes ass et e Gala-Owend um Schëff ginn.

Sonndes ass et virun op Viennes gaangen, wou mir un eng Visite guidée deelgeholl hunn.

No dem Mëttegiessen ass et erof vum Schëff gaang a mir hunn d'Heemrees mam Bus ugetrueden.

Text a Fotoen: Marie-Louise Haas-Erpelding





Et ass eng Traditioun, dass d'Elterevereening am November mat de Kanner op Cruchten fiert, fir sech de Kannertheater unzekucken.

Et ass ëmmer erëm flott, wann ee gesäit, wéi een Äifer déi jonk Theaterspiller weisen, an dëst Joer war souguer e jonkt Talent aus eiser Gemeng derbäi, den Andy Frisch.

Niewent der immenser Leeschtung vun den Acteuren op der Bühn, muss een awer och déi vill Aarbecht vun den Elteren ernimmen, déi fir d'Bühnendekoratiounen a fir déi gutt Organisatioun zoustänneg sinn. Dass et eise Kanner gefällt, weist wuel d'Zuel vun deenen, déi mat waren: 33 Kanner an 8 Erwuessener.

Text a Fotoen: Dany Hermes





Fusion

Das Thema dieser öffentlichen Versammlung war zwar als "Fusion des Communes en général" vorgegeben, aber es stellte sich sehr schnell heraus, dass die zahlreich anwesenden Zuhörer gekommen waren, um etwas über die Fusion zwischen den Gemeinden Fischbach und Fels zu erfahren.

Die Bürgermeisterin der Gemeinde Fischbach, Marianne Brosius-Kolber, begrüßte hierzu Innenminister Jean-Marie Halsdorf, einige seiner Mitarbeiter aus dem Ministerium, den Felsler Bürgermeister Pierre Wies sowie die Gemeinderäte der beiden Fusionsgemeinden und der Nachbargemeinden Heffingen und Nommern.

Marianne Brosius-Kolber erklärte in ihrer Einführung die Vorteile einer Fusion für beide Gemeinden und wies darauf hin, dass die Gemeinden Nommern und Heffingen stets willkommen seien, sollten sie bereit sein, diese Fusion mitzutragen.

Beim anschließenden „Patt“ wurde noch viel diskutiert und man verspürte unter den Bürgern beider Gemeinden an diesem Abend im „Veräinshaus op der Héicht“ eine Aufbruchstimmung hin zu einer Fusion der beiden Gemeinden Fischbach und Fels.



Fischbach

Jean-Marie Halsdorf meinte, dass eine größere Gemeinde auch mehr Geld und politisches Gewicht bedeute, ebenso eine bessere Verwaltung sowie einen größeren Handlungsspielraum bei Investitionen. Er betonte, dass beide Gemeinden im vergangenen Jahr zusammen einen Überschuss von 1,7 Millionen € hatten. Mit diesem Geld könnte man so manches für die Bürger realisieren.

Spätestens im Sommer 2008 sollte ein neues Rahmengesetz über die Gemeindefusionen im Parlament verabschiedet werden. Doch auch über dieses Gesetz hinaus bliebe genug Spielraum, um jeden zufrieden zu stellen.

Bei der anschließenden Diskussion ging es laut Minister sehr sachlich zu, so dass man behaupten kann, dass die anwesenden Bürger aus Fischbach und Fels sich im Vorfeld gut informiert hatten.

Bürgermeister Pierre Wies sprach dann ein delikates Thema an, nämlich die doch hohe Zahl von ausländischen Mitbürgern in Fels und doch habe man in Fels eine hohe Lebensqualität und auch das Zusammenleben funktioniere zur vollsten Zufriedenheit.



Text und Fotos: Ren Spautz

Fels



Vom 30. November bis zum 2. Dezember fand "am Veräinshaus" eine Hobby-Ausstellung statt, die organisiert war von der kommunalen Kulturkommission der Fischbacher Gemeinde.

Am Freitagabend fand die Eröffnung statt, an der zahlreiche Gäste teilnahmen, unter anderem der Parlamentarier Marcel Oberweis.

Es war Marco Karier in seiner Funktion als Präsident der Kulturkommission, der die Gäste willkommen hieß und sich bei den Mitgliedern und hierbei vor allem bei Susen Hoehn für ihre gute Organisationsarbeit bedankte und gab das Wort weiter an

H O B B Y



Bürgermeisterin Marianne Brosius-Kolber.

Diese fand anerkennende Worte an die Adresse der Teilnehmer dieser Hobby-Ausstellung und meinte, in einer immer schnellerlebigen Welt sei es schon bemerkenswert, dass es noch Menschen gibt, die sich bei einem kreativen Hobby ausspannen könnten. Auch strich sie die hohe Qualität der ausgestellten Objekte hervor. Anschließend bot die Gemeinde den Ehrenwein an und ein jeder konnte sich bei einem Rundgang entlang der vielen Stände von den Worten der Bürgermeisterin überzeugen.

Es sei noch zu bemerken, dass Marie-Louise Haas-Erpelding aus ihrem Erlös 500 Euro an TéléVie überwiesen hat.

Text & Fotos: Ren Spautz

A U S S T E L L U N G





Et wor sou ëm Niklosdag an zu Angelsbiërg an der Schoul wor gelleg eppes lass.

Grouss a Kleng wore wibbeleg, 't huet ee bal gemengt, 't wir een um Schlass.

Mee hei kuck do, de Kleeschen an den Houseker sinn nees ënnerwee

Gesonge gouf, gedantz an net ze knapp, et war eng Freed fir jidderee *

Déi meeschte ware brav, anerer net su ganz

Eng Rutt huet sech verdéngt sou munchereen

Den Houseker huet gezéckt, lo ginn et der laanscht d'P...

De Kleesche sot, loos sinn, se si well duercherneen

Di Kanner si ganz fein an, ënnert ons, firwat bestrofen, den Owend si se brav alleguer, ...wa se schlofen!

*** Umierkung vun der Redaktioun:**

ganz richteg wär et fir ze soen "et war eng Freed fir bal jidderee", mee dat passt net mat dem Rhythmus!



Text a Fotoen: Frank Weyrich

De Kleeschen 2007



Nei Gesiichter am Schoulhaff

Mat dem Schoulufank dësen Hierscht sinn et e puer Ännerunge bei onsem Léierpersonal ginn.

Mir hunn zwou nei "Jofferen" an en neie Schoulmeeschter, déi amplaz vun 3 aneren ugetruede sinn: d'Samantha Gorza, d'Simone Jung an de Steve Juchemes. Allendräi sinn se fir d'éischt emol zäitlech begrenzt bei ons. Ech hu mech mat hinne getraff a mer hunn zesumme gepotert.

Frank: Ons Lieser si bestëmmt grad esu virwëtzig wéi ech. Vu wou sidd dir?

Samantha: Ech si ganz hei aus der Noperschaft, vum Ierenzerbiert.

Simone: Ech sinn d'Meedche vum Scheedgen.

Steve: An ech si vu Méischduerf.

Frank: Vu Méischdref?

Steve: Neen, vu Méischduerf, bei Mompech.

Frank: Wéi gefällt et iech dann su no deenen éischte Woche hei bei ons?

Simone: Also ech muss soen, ganz gutt, alles anescht wär ënnerdriwwen. D'Leit hei an der Schoul sinn immens hëllefsbereet an zuvirkommend.

Steve: Dat kann ech nëmmen ënnersträichen. Wann ech vergläiche mat anere Plazen wou ech war, wou méi wi ee mol een deem aneren säin Däiwel war, dann ass et hei einfach super. Souguer d'Gemeng selwer: op anere Plazen huet ee misse méintlaang waarden fir eng Pei ze kréien, hei giong dat direkt an ouni Problemer.

Frank: Mir hu jo eng relativ kleng Schoul hei, wéi gitt der domat eens?

Steve: Dat ass am Ufank e bëssen ongewinnt, mee doduerch léiert een d'Leit vill méi séier kennen, wat natierlech fir jidderee flott ass, d'Léierpersonal grad ewéi d'Kanner an d'Elteren. An anere grouse Gebaier weess een dacks net, ob d'Leit Eltere sinn oder Léierpersonal.

Samantha: Fir mech ass deen Ennerscheid net esu grouss, well aus menger Erfahrung aus der Belsch kennen ech dee System, wou an engem Sall e puer Joergäng zesumme setzen. Do si kleng Schoulen ganz heefeg, well all Kand muss per Gesetz quasi a sengem Duerf eng Schoul hunn.

Frank: Hutt dir iech scho kannt, ier der hei zu Angelsbiert waard?

Simone: De Steve an ech, mir hunn ons schonn aus den Zäite vum Iechternacher Kolléisch kannt a mer waren och allenzwee zu Saarbrécken op der Uni.

Samantha: Fir mech ass dat hei déi éischt Geleeënheet, well ech war zu Heidelberg an duerno zu Eupen an der Belsch.

Frank: Ech soen iech merci a wënschen iech alleguer eng flott Zäit.





Samantha Gorza



Simone Jung



Steve Juchemes

Fro**Äntwert**

Wou gebuer?	Ettelbréck	Stad	Stad
Wéini?	9. Mäerz 1979	31. Mee 1979	26. Mee 1979
Meng Stärkten?	Zouverlässegkeet, Pünktlechkeet, Zielstriewegkeet	vill Gedold, Asaz fir Saache, wou ech dovun iwwerzeegt sinn	Uerdnung
Meng Schwächten?	Schockela	chaotesch	Fréi opstoen
Wat gefällt mer un deenen Aneren?	Laachen a frëndlech Gesichter	Éierlechkeet an Toleranz	Oppenheet
Wat gefällt mer net un deenen Aneren?	Motzen, granzeg Leit	Falschheet	Granzeg Leit
Meng Hobbien	Liesen	Sport a Rockkonzären	Basketball
Meng Musek, déi ech lauschten	Alles Méigleches ausser Tecno an House-Music	Hardrock	Black-Music
Ech lise momentan	“Die 13 ½ Leben des Käpt’n Blaubär” vum Walter Moers	“Karten-Geheimnis” vum Jostein Garder	Näischt
Wou ech Vakanz maachen	Italien	a Norddäitschland op enger Rudderstreck	Iwwerall
Wat mir besonnesch wichtig ass	Gesondheet	Gesondheet	Famill a Gesondheet
Wat fir mech Schéinheet ass	Schéinheet kënn vu bannen	Ausstrahlung	Sympathie
Mäi gréissten Draam	Eng gutt Léierin ze sinn	Fest ugestallt ze ginn	E ganzt normaalt Liewen ze féieren
Meng Liewensastel- lung	“Nur wer erwachsen wird und ein Kind bleibt, ist ein Mensch” Erich Kästner	“Et gi keng hallef Saache gemaach”	“Lues awer sécher”



Schouljoer 2

1. & 2. Spillschoulklass

Joffer Samantha Gorza / Joffer Marie-Jeanne Schlechter

vu lénks no riets: Joanne Rodesch, Alexandra van Oost, Conny Simon, Carlos Da Assuncao Azevedo, Fabio Rodrigues Teixeira, Mathis Brust, Tatiana Sampaio, Elisa Rigutto, André Costa Mota, Ségolène van Oost, Ana Gomes Teixeira.



2007-2008

1. & 2. Schoulklass

Uewe vu lénks no riets: Jonathan Antunes, Laura Reding, Chiara Lehnén, Ben Lehnén, Joffer Simone Jung, Dana Drouet, Jennifer Da Asuncao Azevedo, Mike Schwall, Julien Martin.

Mëtt vu lénks no riets: Joffer Andrée Daems, Chris Rodesch, Mariko Cames, Noémie Rigutto, Katy Da Asuncao Azevedo, Céline Cordobes, Joffer Jacqui Wagener.

Ënne vu lénks no riets: Laure Simon, Mariana Rodrigues Teixeira, Vanessa Semblano, Laura Weyrich, Fabio Comes Teixeira, Julien Brust, Kay Brix.




Schouljoer 2

3. & 4. Schoukllass

Här Steve Juchemes / Joffer Simone Jung

Mëtt vu lénks no riets: Kevin Canelha, Dana Fischbach, Elena Beckers, Melanie Semblano, Leo Kirtz, Charel Karier, Marc Weis, Youri Koch, Dan Hoffmann.

Ënne vu lénks no riets: Alexandre Vilela Do Carmo, Tim Kolber, Nathalie Fernandes, Fabio Santos, Eric Karier, David Blum, Catarina Rodrigues Teixeira, Noémie Keiffer, Myrthe Beugels.



2007-2008

5. & 6. Schoulklass

Uewe vu lénks no riets: Kevin Rodrigues Ferreira, Mélanie Gaupp, Martine Vrehen,
Här Edmond Haas, Joffer Samantha Gorza.

Mëtt vu lénks no riets: Bill Koch, Yann Lepinois, Nicolas Brauch, Armindo Oliveira Barandas, Andy Frisch,
Rick Kolber, Cristiana Costa Mota.

Ënne vu lénks no riets: Ralph Hermes, Xavier Moutinho Capela, Moris Brust, Sam Reding, Sarah Diris.



D'Gemeng Fäschbech an d'Redaktioun vum Blat wënscht all hiren Awunner



**schéi Feierdeeg an e gesond
a glécklecht Neijoer 2008**